


# RESPECT & FAIRPLAY @ fieldgen

## EIS KLASS = EIS AARBECHTSPLAZ

Ech si **mat Zäit** an der Klass.

Ech hunn all mäi **Material** vun der Stonn op der Bänkleien.

Ech maache meng **Hausaufgaben**.

Ech hunn um an ënnert dem Pult nëmme meng Schoulsaache vun der Stonn. Um Enn vun der Stonn **raumen** ech alles a meng Case a loossen näischt dorëmmer trëllen.

## DISZIPLIN

Mäin **Handy** ass **ausgeschalt** a läit a mengem **Schoulsak** oder a menger **Case**.

Ech **weisen de Fanger**, wann ech eppes soe well, a waarde bis ech un der Rei sinn. Ech lauschteren deenen aneren no.

Ech **bleiwe sëtzen** a passen op.

Ech **lauschteren** op dat, wat de Proff seet an ech maachen déi Aarbecht, déi vu mir verlaangt gëtt (zum Beispill schreiwen ech dat of, wat de Proff un d'Tafel schreift, ech maache keng Foto!!!)!

Wann et schellt, **waarden** ech, bis de Proff seet, d'Stonn wier eriwwer.

Ech hunn zwou Wochen Zäit fir eng **Excuse** ofzeginn.

## RESPEKT

Ech **respektéiere** meng **Proffen** a meng **Kollegen** (keng Gewalt - net duerch Wierder an duerch Gesten).

Ech respektéiere getraffen **Decisiounen** a maulen net zréck.

Ech respektéiere mäi **Klassesall** an all **Material**.

Ech **sëtzen uerdentlech** a menger Bänk.

Ech **iessen net**, hu kee Knätsch an drénken net an der Klass (ausser: Waasser).

## AM GEBAI

Ech **aggresséiere keen** – net mat Wierder an net mat Gesten an ech mobbe weder Schüler nach Erwuessener.

Am Gebai **benotzen ech mäin Handy net** an ech **lauschtere keng Musek**.

Eier ech an d'Gebai kommen, doen ech meng **Kopfhörer aus** a maache mäin **Handy aus**.

Ech doe mech **uerdentlech an anstänneg** un.

Ech respektéieren d'Schoul als meng Liewenswelt a passen dorop op: Ech geheie keen Iessen an den Haff oder an d'Toiletten, ech trenne mäin Offall an ech maachen **näischt express futti**.